



den nächste Méint. Et muss een allerdéngs berücksichtigen, datt länger Liwwerausfall aus Russland a verschiddene Länner kéinten zum Enkpass féieren.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Staatssekretärin.

Déi nächst Fro riicht sech erëm un d'Madame Staatssekretärin, also et war déi éischte Kéier direkt suivéiert vu méi Kéieren. Den Här Spautz huet d'Wuert, fir eng Fro iwwert d'Zukunft vun der Enovos ze stellen.

8. Question écrite n°179 du 27 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la société Enovos

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, Här President, Madame Staatssekretärin, ech hat de 26. März d'Fro gestallt, dass bei der Presentatioun vum Bilan vun der Enovos ënnerstrach gi wier, dass si och an Zukunft géifen de Leit komplett Packagen ugi fir de Conseil an d'Installatioun vu Gasheizungen. Ech wollt do wëssen, ob d'Regierung dat och esou gesäit, dass dat eng gutt Aktioun ass.

Mécht d'Enovos dat selwer? Mécht si dat an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Handwierk? A falls dat net de Fall sollt sinn an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Handwierk, géif dat keng Situatioun vun déloyaler Konkurrenz ginn, well Enovos ëmmer e Virdeel huet, als Distributeur vun der Energie dat am Virfeld ze maachen?

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Madame Closener.

► **Mme Francine Closener**, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Här President, als Antwort op d'Ufro vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz iwwert d'Aktivitéite vun Enovos wollt ech lech dat heite matdeelen. Déi europäesch Energieeffizienzdirektiv, déi setzt de Kader, fir datt d'Memberstaten duerch konkret Mesuren Energie aspuere sollen. An där Direktiv gëtt och d'Méiglechkeet geschafen, fir ënner anerem d'Stroum- an d'Gasliwweranten ze verpflichten, Energie anzespuren.

Op Nofro hin huet d'Entreprise Enovos eis matgedeelt, datt se sech am Moment domadder beschäftegt, fir adequat op dës méiglech Obligationen ze reagéieren, déi hir an Zukunft sollen operluecht ginn.

Eng vu ville Mesuren, déi Enovos envisagéiert ze maachen, ass, fir de Remplacement vun alen Heizungen duerch méi effizient Heizunge virunzedreiwen, fir esou eben d'CO₂-Emissionen ze reduzéieren an Energie ze spueren. D'Zil vun der Enovos ass et dobäi, d'Energieberodung an déi méi effizient Léisungen an deem Kontext mat de professionelle Partner aus dem Secteur ze realiséieren, also net e Konkurrent ze ginn.

Enovos deelt weiderhi mat, datt déi Aktivitéiten nach an der Analys sinn an déi definitiv Décisioun eréischt da geholl gëtt, wann de Kader fir d'Obligation an der Energieeffizienz fir de Secteur méi kloer definéiert ass.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Merci.

► **Mme Francine Closener**, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Merci och.

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Closener.

Déi nächst Fro kënn nach eng Kéier vum Här Spautz. Si riicht sech un den Aarbechtsminister a betrëfft d'Transposition oder d'Nettransposition vun enger Direktiv. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. Question écrite n°157 du 19 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la mauvaise transposition d'une directive européenne

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir haten och elo Diskusiounen mat den CDDs-Verträge. Lëtzebuerg huet d'Direktiv 1999/70/CE, wou et ëmmer ëm d'Verlängerung gaangen ass vun den CDDen, hat Lëtzebuerg eng Ausnahmebestëmmung geholl, virun allem, well mer e Secteur hate wéi dee vun der Recherche, wou et oft och am Intérêt war vun deene Betreffenen, dass se konnten de Vertrag méi oft wéi 24-mol verlängeren.

D'Europäesch Kommissioun huet eis elo ugekënnegt, laut engem Communiqué, dass se Lëtzebuerg wëilt usichen. Ech wollt do d'Fro stellen un d'Lëtzebuerger Regierung, wéi si et gesäit, fir dorobber kënnen ze reagéieren. Ass d'Gefor do, dass mer do eng Strof kréie vun der Europäescher Kommissioun? A wat wier de Plang B, well mer jo wuel wëssen, dass d'Cher-

cheuren, wann déi eng Kéier mussen e Contrat définitif maachen, dass dann de Standuert Lëtzebuerg fir d'Chercheure méi oninteressant gëtt?

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Spautz. D'Wuert huet direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Här President, et gëtt zwou Saachen an deem, wat d'Kommissioun ons matgedeelt huet: Éischtens hu se ons an enger éischter Phas kritiséiert op alles, wat déi Métieren ubelaangt, déi sougenannten „Métiers du spectacle“. An do kritiséiert se, datt mir kënnen eben iwwert deen Artikel am Code du Travail d'CDDe relativ oft répétéieren an erneieren.

Dat Zweet ass dat, wat Dir elo gesot hutt iwwert d'Chercheuren an d'Enseignanten, gewëssen Enseignanten op der Uni Lëtzebuerg. Wat dee Punkt ubelaangt, huet d'Kommissioun ons, ass se zefridde mat där Explikatioun, déi mir hir ginn hunn. Ech soe just, d'Kommissioun hätt ons och do net kënnen, si muss jo emol nach fir d'Éischt op d'Gericht goen, an da muss d'Gericht mat der Kommissioun d'accord sinn, ier mer kënnen vu Strofe schwätzen. Do ware mer also nach net. Dee Punkt schéngt mer definitiv écartéiert. D'Kommissioun ass do mat onsen Explikatiounen d'accord.

Bleift also de Problem vun deene Leit, déi an de Métiers du spectacle schaffen. An do kann ech mech eigentlech nëmme wonneren, datt d'Kommissioun onse Regime do attackéiert. Well onse Regime ass e Regime, deen, wann ech mech gutt erënneren, iwwregens vun engem gemaach ginn ass, dee souwuel Kulturminister war wéi och Aarbechtsminister, deen eigentlech deene Leit méi Protektioun gëtt, wéi dat an deene meeschte Länner de Fall ass.

A Frankräich kann een x-mol ëmmer erëm en neie Kontrakt maachen, vun engem Dag, vun e puer Stonnen, e puer Deeg. An Däitschland mécht iwwerhaupt keen en direkten Aarbechtsvertrag, well do ass, sinn allegueren déi Métieren, déi schaffen op enger Base libérale. Dat sinn also fräischaffend Leit, déi hunn also iwwerhaupt kee Contrat de travail.

Mir hu gemengt, andeems mer deene Leit e Contrat à durée déterminée ginn, deen zwar méi oft kann erneiert ginn, besonnesch, well een net ëmmer genau weess, wat d'Durée ass vun deenen Interventiounen, déi déi Leit musse maachen, hätten déi Leit méi Sécherheet, méi Planungssécherheet, fir hir Aarbecht ze organiséieren.

Mir wäerten der Kommissioun dat nach eemol explizéieren. Mir hunn dat scho gemaach. D'Kommissioun ass do e bëssen hartnäckeg. Ech soe ganz offen: Et wonnert mech, datt d'Kommissioun grad op deem dote soziale Punkt elo esou pingele ass, wou et esou vill aner sozial Froen an Europa gëtt, wou d'Kommissioun eigentlech relativ schnell an ouni Problem driwwer ewechgaangen ass. Mä ech gesi momentan nach keng Gefor, datt mer op deem do Punkt kéinte veruerteelt ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Aarbechtsminister. An, Travail à la chaîne, den Här Spautz ass erëm dru mat der Fro un de Minister fir Nohaltegkeet an d'Madame Kulturminister, wat d'Solarzellen op, net natur-, mä denkmalgeschützte Gebaier ugeet. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

10. Question écrite n°190 du 1^{er} avril 2014 de M. Marc Spautz relative à l'installation de panneaux solaires photovoltaïques sur les toits des immeubles et objets classés monuments nationaux

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Merci, Här President. Meng Fro ass gaangen un d'Lëtzebuerger Regierung an ech sinn dofir och frou, dass d'Kulturministesch, nodeem se nëmmen hätt kënnen eng hallef Stonn bleiwen, awer gewaart huet, fir mer op meng Fro kënnen ze äntwerten.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Culture*.- Gesitt Der emoll!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ëmmer méi, an d'Madame Closener huet et elo ënnerstrach, Energieeffizienz gëtt gemaach. Et geet drëms, fir CO₂ kënnen anzespuren an et ginn ëmmer méi Fotovoltaikanlagen opgestallt.

Meng Fro ass: Ass d'Méiglechkeet, gëtt et eng Ausnahmebestëmmung vum Kulturministère, fir och a Gebaier, déi op der Lëscht sti respektiv déi schonn denkmalgeschützt sinn, fir och do kënnen Fotovoltaikanlagen opzeërchten? Oder ass dat eng Méiglechkeet, déi komplett exclue

ass, dass esou Gebaier och kënnen an déi Berücksichtigung mat erakommen, well festgestallt gëtt, dass et jo oft schwierig ass, déi géeeegent Gebaier ze fannen, fir déi Fotovoltaikanlagen an enger grousser Zuel kënnen ze installéieren?

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Madame Kulturministesch Maggy Nagel.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Culture*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Antwort op déi Question parlementaire do ugeet, hu mer am Kulturministère eis Aarbecht gemaach. Déi läit prett do fir eraus, en attendant, datt se vun deem anere Ministère nach beäntwert gëtt, a se dréit d'Iwwerschrëft: „Eis gebautent lerwen an d'erneierbar Energien“.

Wéi den 21. März „my energy days“ waren, hu mer op engem Stand als Sites et Monuments méi wéi scho gewisen, wéi oppe mer sinn, fir iwwert d'Panneaux solaires photovoltaïques op den Diech vun de klasséierte Gebaier, déi awer am Inventaire supplémentaire stinn, nozedenken. A mer hunn och schonn engersäits gutt Beispiller an anerersäits manner gutt Beispiller, déi mer no där Ausstellung och op dem Internetsite vu Sites et Monuments drop hunn. E gutt Beispill zitieren ech: zu Useldeng d'Kierch. Ech zitieren e schlecht Beispill: d'Kierch zu Greiweldeng.

Et ass awer esou am Prinzip, datt en historiescht Haus an eng méi oder manner intakt Uertschaft oder e Stadviereel net duerch Energiekollektoren sollt gestéiert ginn an doduerjer och d'Authentizitéit an de Cachet vum Haus oder vun der Plaz net méi gären herno garantéiert ass. Als Ausnahm zum Prinzip: Wa weder d'Gebai nach d'Uertschaft e grouss materiellen an optesche Schued erliden duerch d'Installatioun vu Kollektoren, da soll et méiglech sinn, Fotovoltaiks-oder aner Capteuren och op historiesch Haiser ze installéieren. Dat virun allem, wann d'Haiser selwer eppes vun där Energie hunn an net nëmmen als Këscht benotzt ginn, fir Strom ze maachen, deen an de Réseau fléisst.

E gutt Beispill, wéi ech scho gesot hunn, ass och sécher d'Uwendung vum kybernetesche Prinzip, wou mat wéineg techneschem Opwand, dat heescht Low-tech also am Géigesaz zu Fotovoltaik, vill Hëtzt kann direkt duerch déi Gebailechkeete gewonnen a genotzt ginn.

Wat d'Installatioun vun Energiekollektoren ugeet, mussen zwar eng Rei technesch Kritären op alle Fall respektéiert ginn. An enger Réunion mat Sites et Monuments hu mer schonn iwwert déi Kritäre geschwat. A mir hunn och schonn doriwwer geschwat, wéi d'Oploe musse si fir d'Ausféierung virun allem vun de Sonnekollektoren, déi mer wëllen akzeptéieren, fir op e Gebai ze installéieren.

Et ass also esou, datt mer op sinn an datt mer och wëllen an déi Richtung do matdenken. Natierlech muss een oppassen, datt ee kuckt, a wat fir engem Kontext dat do gefrot gëtt. Et muss een och kucken, wéi mer dann déi Subventionen, déi Sites et Monuments de Leit gëtt, wa se eng Restauratioun maachen, wéi déi dann herno sollen ausgesinn, ob dat soll an der Kultur nëmmen eleng bleiwen oder ob dat soll och bei d'Madame Dieschbourg an de Ministère goen.

Et sinn all déi geschützte Gebaier, bis elo ass nach keent, wat op dee Wee do gaangen ass. Mä an anere Gebaier, wéi ech elo gesot hunn, wéi déi Kierchen do, do fannt Der dat awer schonn erëm.

Voilà, ech mengen, dat ass emol deen Deel, wat ech als Kulturminister zu deem sollt soen oder wëll soen. An deen aneren Deel wäert Der jo da spéider vun der Madame Dieschbourg, wou ech se um Telefon hat a wou se mer gesot huet, si hu bis elo nach näischt am Ministère erëmfonnt, och da wäert äntwerten.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Nagel.

Mir wäeren domat um Enn vun engem net alldeeglechen Exercice, deen zwar ganz gutt elo ofgelaf ass, wat awer net soll eng Invitatioun sinn, fir dat esou oft wéi méiglech ze widderhuelen. Also mäin Appell, sech un d'Délaie fir d'Äntwerten ze halen, an d'Antwort ass als Antwort akzeptéiert, wann och d'Ënnerschrëft vum Minister drënner ass.

Selbstverständlech bei méi komplexe Froen, déi och méi technescher Natur sinn, ass ëmmer d'Méiglechkeet, fir eng Verlängerung vum Délai ze froen. Mä do mussen awer gutt Grënn virleien. Et ass net, dass systematesch verlängert gëtt. Also d'Konklusioun dozou, ech mengen, mir hunn haut e bësse bäigeléiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zu dem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de

loi Nummer 6415 betreffend d'Vente vu médicamenteuse Substanzen an d'Lutte géint d'Toxicomanie. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Léon Gloden.

11. 6415 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

Rapport de la Commission juridique

► **M. Léon Gloden** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, um Menu steet elo de Projet de loi 6415 portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie. Ech wëll, fir unzefänken, kuerz op d'Prozedur agoen, well et jo awer e bësse méi ongewéinlech ass, datt een aus der Opposition Rapporteur vun engem Gesetzesprojet ass.

Dëse Gesetzesprojet gouf vum fréiere Justizminister François Biltgen den 23. März 2012 an der Chamber deponéiert. Den 22. Januar 2013 gong den Avis vum Statsrot hei am Haus an. A senger Sëtzung vum 20. März 2013 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech zum Rapporteur vun dëser Gesetzesvirlag genannt. Dës Nominatioun gouf och no de Chamberswahlen confirméiert. Mir hunn den 20. März 2013 de Projet de loi duerch en Amendement ofgeännert gehat. Dësen ass dunn de 26. Juni 2013 vum Statsrot aviséiert ginn.

De virleiede Gesetzestext schreift sech an d'Regierungserklärung vum 2009 vun deemools an, wou et geheescht huet: „Le Gouvernement va poursuivre sa politique de lutte contre la drogue et les maladies de dépendance par un vaste programme d'actions et de campagnes de sensibilisation ciblées sur les jeunes.“

An deem Kontext war et d'Suerg vun der Regierung, d'Strofverfolgung vun den Infraktiounen, déi am Gesetz vum 19. Februar 1973 iwwert de Verkauf vu medikamentéise Substanzen an d'Bekämpfung vun der Drogenofhängegkeet opgeléicht sinn, ze verstärken, andeems den Drogenhandel, wéi heeschen d'Dealen, verstärkt an d'Viséier geholl gëtt. Et gong drëm, déi repressiv Aktiounen an d'Interventiounen méi effikass ze gestalten.

Wat gëtt also duerch dëse Projet de loi elo verbessert? Bis elo konnt d'Douane am Kader vun der Drogebekämpfung just en cas de flagrant délit intervenéieren. Elo ginn d'Agenten vun der Douane vum Grad vum Brigadier principal un an déi nominativ vum Justizminister genannt ginn, Officier de police judiciaire. Esou kréien dës Agenten méi grouss Kompetenzen am Kader vun der Drogebekämpfung. Dat heescht, dës Agenten kënnen selwer verschidden Infraktiounen recherchéieren a constatéieren.

Ech ënnersträichen, datt dës Agenten eng Spezialformatioun kréien. D'Kommissioun hat och den Avant-projet vum Règlement grand-ducal betreffend d'Formation professionnelle virgeluecht kritt.

Zweetens, d'Méiglechkeet fir de Procureur oder den Untersuchungsrichter, gemeinsam Equipen tëschent der Police an der Douane mat Enquêtes oder Ënnersichungen am Kader vun der Drogebekämpfung ze befaassen.

Drëtte Punkt. Eng nei Infraktioun gëtt agefouert. Persounen, déi Produiten, Substanzen, Objeten oder aner Moyenen, déi dozou dëngen, Blutprouwen oder medezinesch Ënnersichungen ze verfälschen oder ze influencéieren, ze verkafen, ze offréieren, benotzen oder importéiert hunn, kënnen bis zu dräi Joer an de Prisonn kommen, mat engem Minimum vun dräi Méint, a riskéieren eng Amende tëschent 251 an 10.000 Euro oder eng vu béide Strofen.

Am Fachjargon schwätzt een hei vun enger „Clear machine“ oder dem „Clear urin“. Dat éischt ass e Pudder, deen den Dépistage vu psychotrope Substanzen am Urin verschleiart. Am zweete Fall handelt et sech ëm synthetischen Urin.

Véierte Punkt. D'Verjährungsfrist vun zéng Joer fir verschidden Infraktiounen am Zesummenhang mat Droge gëtt uniformiséiert. Dëst gëtt och vum Statsrot begréisst. A sengem Avis vum 22. Januar 2013 seet sech de Statsrot awer iwwerrascht doriwwer, dass der Douane ëmmer méi Kompetenzen zugesoustert géife ginn, an dat ausserhalb vun hirem eigentlechen Aufgabebereich.

Déi Héich Kierperschaft bedauert weider, dass déi lescht zwéi Jorzéngten, dat heescht zënter



dem Ofschafe vun de Grenzkontrollen innerhalb vun der EU, net dozou genotzt goufen, fir sämtlech Kompetenzen am stroferechtliche Beräich der Police zouzeschreiwen. De Statsrot erënnert drun, dass d'Policegesetz vun 1999 justement zum Zweck hat, fir déi verschidde Corpsen, déi am stroferechtliche Beräich tätig waren, an engem ze eenegen.

D'juristesche Kommissioun huet de prinzipielle Bedenke vum Statsrot, wat eng Extenssioun vun der Kompetenz vun der Douane ubelaangt, net Rechnung gedroen. Wat d'Membere vun der Kommissioun awer zrëckbehalen hunn, dat sinn d'Bedingungen, déi de Statsrot un des Ausdehnung geknäppt huet: Nëmme vun engem bestëmmte Grad un, an déi Leit mussen eng speziell Formatioun kréien. A sengem zweeten Avis seet sech dann de Statsrot mat der Proposition vun der Kommissioun averstannen.

Den initiale Projet de loi hat Strofreduktiounen virgesi fir Beschëllegter, déi gehollef hunn, d'Infraktiounen opzeklären. Hei huet sech de Statsrot vehement opposéiert mam Argument, dass d'Kohärenz vum Strofrecht a Fro gestallt gëtt. Wann een nämlech an engem Deelberäich vum Strofrecht esou eppes aféiert an op verschidden aner Beräicher ausdehnt, da riskéiert een ähnlech gelagert Situatiounen, déi awer net berücksichtegt goufen, anescht ze behandelen. Deem konnt de Statsrot seng Zoustëmmung net ginn.

No deser Opposition formelle vum Statsrot zu den neie Bestëmmungen a Saache Strofreduktioun, hu sech d'Membere vun der Commission juridique domat averstane gewisen, déi Ofännerung aus dem Gesetzesprojet ze sträichen.

Et sief dann och hei drun erënnert, dass sech den deemolege Justizminister dozou engagéiert hat, de Sujet vun de Strofreduktiounen vu Krounzeie méi generell an engem Gesetzesprojet ze behandelen.

Zum Schluss ginn ech nach den Accord vun der CSV-Fraktioun a soenlech Merci fir d'No- lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem honorabele Rapporteur. Ech hu bis elo als ageschriwwene Riedner: d'Madame Simone Beissel, den Här Alex Bodry, d'Madame Viviane Loschetter, den Här Roy Reding an den Här Serge Urbany. Als éischt Riednerin huet d'Madame Simone Beissel d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäin häerzleche Merci un de Rapporteur Léon Gloden fir säi gudde schrëttlechen a mëndleche Rapport.

D'Drogekriminalitéit mat all hire Facetten ze bekämpfen, dat ass jo ee vun de Leitmotiver vun all de Regierungsdeklaratiounen säit de 70er Joren. Wann een de Fazit 2014 zitt, da kann ee just constatéieren, et gëtt net besser. Au contraire! D'Mondialisatioun, illiciten Trafic vun Drogen, déi kriminell Energie, déi verwannt gëtt, fir ëmmer erëm nei sophistiquéiert chemesch Drogen op de Marché ze bréngen, do mécht et Sënn, dass alles gemaach gëtt, fir d'Effikassitéit vun den Interventiounen vun den zoustännege Corpsen ze verstärken, dat op dem Basisgesetz vum 19. Februar 1973, wat de Secteur regléiert a wat de Rapporteur jo ugeschnidden huet.

An deem Sënn elo zwou Serie vun Iwwerleeungen. Éischt Serie, consacrééit dese Gesetzesprojet e Paradigmewissel, dat heescht vun engem Auserneendwien 1994 an 2001 vun der Lëtzebuurger Douane an och 1999 vun der Police grand-ducale zu engem Réalignement zu enger Coopération renforcée tëschent Police an Douane. D'1994er Gesetz, modifizéiert 2001, iwwert d'Douane, huet d'Kompetenze vun den Douanieren, an dat trotz Fale vun de Binnegrenzen, legal verankert a konstant erweidert.

1994 krut d'Douane, trotz Resistenz vum Statsrot, an den Här Gloden hat et scho gesot, Police-générale-Missiounen. Am Artikel 2 ass nämlech virgesi ginn, dass, ech zitieren: En cas de nécessité kënnen d'Douanieren, an dat ouni Spezifikatioun vun iergendengem Grad, réquisitionnéiert ginn, fir Personalkontrollen am Inland duerchzeféieren, wat u sech géint d'Ratione materiae vun hire Basiskompetenze geet. Duerno krute se och nach Kompetenzen a Saache vu flagrant délit.

De Projet de loi 6415, dee geet méi wäit, geet et dach hei drëm, fir ze ermëglichen, dass

héich Fonctionnaire vum der Douane OPJ-Attributiounen kréien an dass, op Uerder vum Staatsanwalt oder vum Instruktionsrichter, d'Police grand-ducale zesumme mat der Douane Actions communes, Joint-Ventures a Saachen Enquête respektiv Instruktoune vun engem Fall kënnen maachen. Nees eng Kéier seet de Statsrot „oui, mais“. Mir kennen dem Statsrot seng Bedenken. Säit 1993 dreemt de Statsrot dovun, fir dass hei zu Lëtzebuerg ee Corps unique zoustänneg wier fir de Maintien de l'ordre national. Elo si mer amgaang awer erëm méi dat ze verhënnere, well och en zweete Corps, niewent der Police grand-ducale, elo OPJ-Kompetenze kritt, wat jo ëmmer d'Chasse gardée war vun der Police.

Et muss een awer begrëssen, an de Léon Gloden huet dat och scho gesot, dass déi Héich Kierperschaft trotz hire Retizenzen hei eng konstruktiv Approche huet. Si seet eigentlech, mit einem lachenden und einem weinenden Auge, mir sinn zwar net happy, mä op där anerer Hiicht, mat de Konditiounen, déi mer setzen, wann Der déi erfëllt, da si mer d'accord.

D'Konditiounen sinn duebel an déi maachen och Sënn. Éischtens mussen et héich Fonctionnaire sinn, dat heescht et geet vum Brigadier principal un, nëmme déi kënnen OPJ-Attributiounen kréien, an zweetens mussen se eng spezifesch professionell Formatioun kréien, wat och Sënn mécht am Intérêt vun der Saach.

Ech mengen, des Mesuren, an dee Moment och d'Attitüd vum Statsrot, déi déi zoustänneg Kommissioun iwwerholl huet, fërdert d'Unitéit an d'Koordinatioun tëschent deenen zwee Corpsmembere, ménagéiert d'Sensibilitäten a verhëtt nei Berührungängschten, déi weess Gott an de leschte Joren, haaptsächlech an den éischte Joren, bestanen hunn tëschent der Douane an der Police. Et ass ganz gutt, dass déi Saachen elo ofgeschafft ginn, oder op d'mannst op e Minimum erofgeschränkt ginn. Dat gëtt eng operationell effikass Interventiounsméiglechkeet, fir d'Drogekriminalitéit méi valabel ze bekämpfen.

Zweet Serie vu kuerze Remarquen, déi ech nach wollt dozoufügen. Eis Fraktioun begreist et och, dass virun allem nei Infraktiounen an e Spezialgesetz agesat ginn, fir déi ze strofen, déi kriminell Energie dozou verwenden, fir Spezialprodukter hierzestellen, déi ebe just Drogen oder Dopingsprodukter an Analoges, déi sogenannte Produits précurseurs, solle maskéieren an deelweis och pervertéieren. Et ass ganz wichteg, dass hei eng Base légale geschafe gëtt fir esou nei Delikter. Dat ass e ganz wichteg Schrëtt!

Zum Schluss, mir kréien ëmmer gesot „bien légiférer“ vu Bréssel oder „mieux légiférer“. Fir eis ass et och ganz wichteg, am Intérêt vum „mieux légiférer“, dass mer endlech no laange Joren, wou dat gefuerdert ginn ass, eng Unitéit kréien an de Saache vun der Verjährung, dass sämtlech Friste vun der Verjährung an deem spezielle Secteur hei vun der Drogekriminalitéit verschäerft ginn op zéng Joer. Dat mécht Sënn, dat ass dissuasiv an et mécht och de l'ordre dans la boutique an deem Spezialgesetz, wat u sech d'Basisgesetz ass vun deem ganze Secteur.

Opgrond vun dese Remarquen zu deem Gesetz wollt ech och nach den Accord vu menger Fraktioun bréngen, déi dëst Gesetz ausdrëcklech begreist.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Beissel. An elo huet d'Wuert den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Merci, Här President, dass ech d'Wuert kréien. Ech wëllt och am Nimm vun der sozialistescher Fraktioun den Accord zu deem heiten Text abrëngen, deen en Text ass, deen eigentlech, et ass richtig och, iwwert den Avis vum Conseil d'État eraus eng Rei vu prinzipielle Froen opwerft, déi mer schonn e puermol am Laf vun deene leschten, jo bal Jorzéngten hei diskutéiert hunn.

Et ass wouer, dass an deem Moment, wéi d'Diskussioun ronderëm Fusioun vu Gendarmerie a Police gefouert ginn ass, och ee Moment diskutéiert ginn ass, awéiwäit een och kéint d'Douane mat eranhuelen. Dat huet sech aus techneschen, aus politeschen Ursaachen als net méiglech erweisen. Technesch war et schwéier, well d'Carriären awer an der Douane anescht organiséiert waren, an och haut sinn, wéi dat an der Gendarmerie an an der Police de Fall war; ganz schwieereg also, déi Leit ze integréieren an een eenheetleche Corps.

An zweetens muss ech och soen, dass normalerweise och déi fir d'Douane zoustänneg Ministeren eigentlech léiwer beim Status quo bliwwen sinn, wat jo sécherlech och méi bequem ass, wéi eppes ze reforméieren, esou dass mer an där Situatioun eigentlech weiderlieden, wéi se och schonn Enn den 90er Jore gewollt war.

Gutt ass et allerdéngs, dass een iwwert deen heite Wee ënner anerem et jo och méiglech mécht, dass awer d'Kooperatioun ka renforcéiert ginn ënnert der Égide vum Parquet respektiv vum Untersuchungsrichter, dee jo hei d'Méiglechkeete kritt, fir gemeinsam Équipes - Police an Douane - zesummenzestellen.

Wat ee muss sécherlech och nach am A behalen, dat ass de Fait, dass mer hei eigentlech eng Etapp weiderginn an enger Entwécklung, déi mer eigentlech, och d'Chamber bis elo ni schrecklech positiv gesinn huet, well se och riskéiert awer op d'laang Weil ze dérapéieren. Dat ass d'Ziel vun deenen Agente beim Stat, déi a verschiddene Verwaltungen éparpilléiert sinn, an déi nieft hirer eigentlecher Funktioun an där Verwaltung och Pouvoir kréien iwwer e Spezialgesetz, wéi an deem Fall, fir eigentlech an engem bestëmmte Beräich als Officier de police judiciaire kënnen ze handeln, also mat all deene Pouvoirs, déi domadder zesummenhängen. Mam Fait och, dass se dann och, wat hir hierarchesch Enneruerdnung ugeet, net méi eigentlech hirem direkte Ressortminister ënnerstallt sinn, mä eigentlech och dem Parquet ënnerstallt ginn, soubal se als Officier de police judiciaire tätig ginn. Dat kann am Eenzelfall zu ganz quokelege Situatiounen féieren an dat mécht d'Iwwersiicht sécherlech net méi einfach.

Duerfir ass jo schonn an der viregter Mandatsperiode och vun der Commission juridique ënner anerem d'Demande gaangen un d'Regierung, fir eng Lëscht ze erstellen vu sämtlechen Agente beim Stat, déi iwwer iergendwelch legislativ Texter speziell Befugnisse kréien, déi engem Officier de police judiciaire gläichsetzen sinn. An et wär wichteg, mengen ech och, dass déi dote Lëscht regelméisseg géif à jour gehale ginn, fir awer do net d'Kontroll iwwert déi dote Situatioun gläich ze verléieren.

Well de Fait, dass et praktesch méintelaang gedauert huet, bis d'Regierung déi dote Lëscht zesummegehallt hat, dat war nach déi viregt Regierung, beweist wéi wäit schonn déi Entwécklung iwwert déi lescht Jorzéngte praktesch gaangen ass, an et besteet praktesch, et vergeet kee Joer, wou net erëm an iergendengem Text deen een oder anere Beamte soll speziell Befugnisse kréien. Dat ass eigentlech net déi glécklechste Léisung, déi ee sech ka virstellen. Mä et ass awer eng pragmatesch Léisung an duerfir wäert eis Fraktioun och deen heiten Text stëmmen, wat deen dote Volet ugeet.

Deen anere Volet ass och scho vum Rapporteur, deem ech och Merci soe fir seng Aarbecht, respektiv vun der Virriednerin duergeluecht ginn. Wat jo ëmmer interessant ass, dat ass, wéi eigentlech de Législateur hanner enger Entwécklung muss hannendru lafen, wéi e muss reagéieren. De Fait, dass mer eng nei Infraktioun hei schafen, beweist, dass opgrond vun der Aféierung vum Dépistage vun Drogen et nei Feelverhale ginn, doduerjer, dass eben eng Rei vun Outilen zur Verfügung gestallt ginn, fir kënnen deen Dépistage do onméiglech ze maachen oder respektiv ze verfälschen. Wat dann erëm eng Kéier de Législateur muss dozou bréngen, fir en neit Strofdelikt an eise Code pénal anzeféieren.

Et gesäit een also, dass mer ëmmer eigentlech an deem Wiesselspill praktesch sinn, dass mer opgrond vu gewësse Feelverhale mussen als Législateur noreagéieren. Dat do war u sech eppes, wat ee vläicht a priori net konnt virausgesinn a wou mer elo mussen praktesch eisen Arsenal législatif an deem dote Beräich norüsten. Et ass sécherlech gutt gemaach, an dofir wäerte mer also och deen dote Volet vun deem Text hei stëmmen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech géif mech einfach beschränken drop, éischstens, dem Rapporteur Merci ze soen, an och Merci fir seng Gedold. En huet eng Zäitche misse waarden, bis en da konnt säi Rapport hei virbréngen, well mer an der Organisatioun e puer Tëscheffäll haten, an duerfir haut hien da säi Rapport hei konnt virbréngen a mir dat Gesetz och haut kënnen stëmmen.

A fir de Rescht, mengen ech, dass et trotz deene Schwierigkeeten, déi och notament vum Statsrot erëmmt gi sinn, et awer e gutt Gesetz ass, wat mer haut stëmmen. An dofir wäerte mir als Gréng dat Gesetz mat ënnerstëtzen.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Loschetter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Här President, Dir Damm an Dir Hären, léif Kolleegen, dat heiten ass e Gesetz, wat eis d'Geleeënheet gëtt, e puer méi fundamental Wierder zur Drogeproblematik ze soen.

Dir wësst, dass mer Unhänger sinn dervun, dass de Stat sech soll op d'Kärkompetenze konzentrieren an dat immens gutt maachen. An dozou gehéiert ënner anerem de Schutz vu senge Bierger; de Schutz vun Drogensüchtigen, déi éischter an eng Therapie gehéiere wéi an e Prisong, mä awer och de Schutz vun Bierger als Affer vu Beschafungskriminalitéit. An dat ass e Volet, wou d'Regierung vläicht gutt géif drun doen, fir emol eng Kéier an déi Richtung ze iwwerleeën, ob een net dee Problem ka virangeg traitéieren, andeem een e System aféiert vu staatlecher Ofgab vun Drogen an Ersatzstoffe, an zwar systematesch, u Süchtiger - natierlech gesetzlech reglementéiert an natierlech medezinesch kontrolléiert. Einfach, fir deem Sumpf vum Drogenhandel déi ekonomesch Basis ze entzieën.

Natierlech lafe mer dann nees Gefor, wéi ëmmer, dass et och do kann zu Mëssbräich kommen. En Drogentourismus kann ee sech virstellen, wou EU-Bierger dann op Lëtzebuerg plënnere, well se hei kënnen vun deem System profitéieren. Trotzdem denken ech, dass dat e Gedanke wier, wou et derwäert wier, an déi Richtung ze iwwerleeën.

Fir de Rescht, wéi de Léon Gloden a sengem exzellente Rapport dat richtig gesot huet, ass dat hei ee ganz, ganz wichtige Text. Mir schléissen eis där Saach un a wäerten als Fraktioun och dat Gesetz stëmmen.

Ech soenlech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir hunn hei e Gesetz virleien, wat nach vum Här Biltgen als Justizminister virgeluecht ginn ass, wat haut vun engem grénge Justizminister eis hei virgeluecht a verteidegt gëtt.

Dat Gesetz huet am Fong geholl zwou Konsequenzen: Dat éischt, dat ass, dass d'Douane nei repressiv Befugnisse kritt, wat ech awer net esou séier ugesinn als eng einfach administrativ Fro, mä am Fong geholl als eng Fro, déi och mam Inhalt ze dinn huet vun där Drogepolitik, déi mer maachen.

Zweetens ass virgesinn, eng nei Infraktioun ze schafen, fir déi bis zu dräi Joer Prisong sollen agefouert ginn, a Fäll, wou ee Substanzen, déi u sech guer net illegal sinn, benotzt bei enger Analys, fir dass do d'Resultater vun där Analys verfälscht ginn.

Mä dat Ganzt ass ze gesinn natierlech am Kader vun enger repressiver Drogepolitik. An domadder setzt am Fong geholl des Koalitioun kritikos déi Politik vu virdru weider. Et ass och en CSV-Rapporteur, deen dat hei presentéiert huet. Dat ass och guer kee Problem, well et ass einfach d'Fortsetzung vun enger Politik vu virdru.

An dobäi waren et awer grad, muss ech soen, Här President, déi gréng, déi ëmmer stoungen fir eng Depenaliséierung an der Drogepolitik. Et louchen zwou Proposition-de-loien hei vir vum Renée Wagener, déi sinn 2009 zrëckgezu ginn, déi fréier Deputéiert vun déi gréng. Och Dealer vun der LSAP hu sech och emol bei Geleeënheeten ausgeschwat fir eng Depenaliséierung vun den Drogen. Hei maache mer eng Verschäerfung am Fong geholl vun der Drogepolitik. Dobäi ass grad um internationale Plang amgaang eng Wend sech ofzezeechen, eng nei Approche zu där Politik sech ofzezeechen.

Ech wëll hiweisen op e Rapport, deen 2011 erauskomm ass vun der Commission mondiale pour la politique des drogues, an där ganz eminent Leit vertrat sinn, déi eng Rei Kritike gemaach hunn. Éischtens emol hu se gesot, dass dee Weltkrich géint d'Drogen, deen am Fong geholl amgaangen ass, en Échec ass, dass ëmmer nei Drogen agefouert ginn - iwwerregens ass déi eng Infraktioun, déi mer hei aféieren, e Resultat dovunner -, an zweetens, dass déi éffentlech Ausgabe fir déi Repressioun an déi Verfolgung vun deenen Delikter an d'Ennersichung dovunner, déi mer all Joers ausginn, Millioune kaschten a gläichzäiteg méi schlecht maache ganz dacks wéi se gutt maachen, andeems se ganz dacks och d'Liewe vu jonke Leit zerstëieren, déi jorelang an de Prisong ginn, an och hir Familiën dobäi an de Misär stierzen, dass dat eng falsch Politik am Fong geholl ass, déi iwwerhaupt eigentlech näischt bäidréit zur Verbesserung vun der Situatioun vis-à-vis vun der Drogensucht, déi, wéi och mäi Virriedner gesot huet, éischter e Suchtproblem ass, e Krankheetsproblem ass, wéi dass déi Leit



sollen an de Prisong kommen. Dat gëtt awer hei kengesfalls ofgeschafft. Dat gëtt hei confir-méiert, déi Politik.

Ech hunn emol Zuelen héieren, wéi wann d'Halschent vun deene Leit, déi emprisonnéiert sinn zu Schraasseg, Drogenohängeger wieren, déi an iergendenger Aart a Weis ze dinn hätte mat der Drogekriminalitéit. De Justin Turpel huet och eng Fro un de Minister Braz gestallt, wou e gär déi Chifferen do hätt. An dat huet och vill ze dinn zum Beispill, mer schwätze vum Käschtepunkt dovunner. Deen neie Prisong, dee soll kommen, dee gëtt am Fong geholl noutwendeg gemaach doduerch, dass mer esou eng repressiv Drogepolitik nach weiderféieren, soss stéing de Prisong zu Schraasseg wahrscheinlech eidel, huelen ech emol un, oder hallef eidel, a mer hätte gutt Plaz nach a mir bräichte keen neien Untersuchungsprisong ze bauen, esou wéi dat virgesinn ass.

Déi Commission mondiale pour la politique des drogues mécht och eng Rei vu Propositionen. Si schléit de Regierungen an de Parlamenten vir, fir der Kriminaliséierung vun den Drogen en Enn ze bereeden. Si ríft d'Regierungen dozou op, Modeller vu legaler Regulation vun den Drogen ze entwéckelen an anzeféieren an esou och d'Muecht vun de Karteller vun der organisierter Kriminalitéit anzëschränken. A si weist och op positiv Resultater hin, do, wou eng aner Drogepolitik gemaach gëtt, an zwar an engem Land, wat guer net esou wäit vun eis ewech ass: Portugal, wou et eng Depenaliséierung vun de lichte Drogen, wann ech gutt informéiert sinn, gëtt zënter enger Zäit respektiv, mengen ech, eng Dekriminaliséierung vum Besëtz vun Drogen, vun allen Zorte vun Drogen.

Dat heescht, dat Gesetz hei féiert am Fong geholl déi schlecht Politik weider, déi och grad déi, déi elo an der Regierung sinn, déi vun engem neie Wand schwätzen a gesellschaftleche Froen, ëmmer kritiséiert hunn, heftegst kritiséiert hunn, a féiert hei net zu engem Ëmdenken an där Politik. Si gëtt souguer verschäerft.

An dofir kënne mir a kengem Fall domadder d'accord sinn a mir wäerte géint dee Projet hei stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Domat wäre mer um Enn vun der Riednerlescht ukomm an d'Regierung huet d'Wuert: den Här Justizminister Félix Braz.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Merci als Alleréischte un de Rapporteur, den Här Gloden, an och un déi ganz Kommissioun, souwuel fir dee schréffleche wéi och dee mündleche Rapport. Merci awer och un de Statsrot an deem heite Fall, well, ech mengen, och duerch den Avis vum Statsrot sinn, par rapport zum initiale Projet de loi, e puer Annerungen an den Text komm, déi awer wichteg sinn, déi a mengen Aen och noutwendeg waren an déi maachen, dass mer en Text elo hunn, deen en Text ass, dee ganz no un der Praxis ass vun der Polizeiarbecht, awer och vun der Aarbecht vun der Douane.

Et ass keen Text, deen eppes groussaarteg Neies mécht, mä en hält an deem bestehende Kader, dee mer hunn, e puer Optionen, déi maachen, dass mer kënnen um Terrain besser schaffen, an en orientéiert sech also an der Haaptsaach hei un der Praxis.

Den Alex Bodry huet, wéi anerer och, op d'Fro vun den OPJe verweisen. Déi Zuel, déi mir zur Verfügung steet, ass eng aus dem Joer 2009. Déi Zäit ware ronn 1.700 Leit hei am Land, queesch duerch d'Verwaltung, also laang net nëmme bei der Police, dat ass a praktesch all de Verwaltungen, déi als OPJ gëllen. Dat sinn der effektiv immens vill. An dat muss een zu engem kriteschen Ëmgang domadder bewegen. Ech ka mech do dem Alex Bodry nëmmen entschëllechen, wat awer net deen heite Projet elo falsch mécht.

Hei wäerten nach eng zéng bis zwielef, schätzungsweis, dobäikommen, woubäi awer och d'Natur vun där Aarbecht, déi se maachen, mengen ech, den Titel vun OPJ sécherlech justifiéiert, vläicht méi wéi op enger ganzer Rei vun aner Plazen, wat een eng Kéier misst mat engem kriteschen An duerchforste beim Stat. Dat ass oft gesot ginn. Wann een éierlech ass, ass et nach ni wierklech gemaach ginn.

Et ass och eng Aufgab fir dës Regierung. Ech hoffen, dass mer eis Aufgab wäerten unhuelen. Mä et weess een, dass et ganz komplizéiert ass, well do och um legislative Plang immens vill misst gemaach ginn. Wann ee wëlt no der Duerchforstung d'Zuel vun den OPJe reduzéieren, da misst een och a ganz ville Gesetzer Saachen ännere goen. An dat ass, ech wëll net soen, eng Herkulesaufgab, mä net wäit dovun. An et ass och vläicht dat, wat och vieregte Regierung schlussendlech dovun ofgehalen huet, hir gutt Intentionen op deem heite Punkt an d'Realitéit ëmzesetzen, well et der wierklech ganz vill beim Stat gëtt, déi an deem dote Fall sinn.

Mir wäerten och, soubal dës Projet gestëmmt ass, e Règlement grand-ducal op de Wee schécken, wëllen hei virumaachen. Do geet et notamment ëm d'Formatioun vun deenen neien OPJen, déi wäert assuréiert ginn. De Règlement ass och scho geschriwwen. Deen ass prett, dee kann an den nächsten Deeg op den Instanze-wee geschéckt ginn. D'Formatioun, déi wäert assuréiert gi vun den Autorités judiciaires, vun der Police grand-ducale an awer och vun der Administratioun vun der Douane a vun den Akzisen. Déi Formatioun, déi kritt och um Enn e schréffleche Contrôle. Et ass also net just eng kuerz theoretesch Formatioun, mä do gëtt wierklech eng seriö Formatioun gemaach, dass déi Leit, wa se da bis OPJ sinn, wierklech en parfaite connaissance de cause hir Aarbecht kënnen ophuelen.

D'Iddi vun den Équipes communes ass och eng, déi scho laang tëschent Polizei an Douane am Gespréich ass, huet scho laang eigentlech Sënn gemaach, gëtt elo an d'Realitéit ëmgesat. An dat ass indéniablement eng praktesch Plus-value.

Iwwert déi nei Incriminatioun hunn och verschidde Virriedner sech scho geäussert. Et ass e Fait, dass do d'Législatioun ëmmer e bëssen hannendru leeft, dat ass och an der ganzer Matière vum Doping de Fall. Dat weess een. Déi, déi fuddelen, sinn ëmmer e Schrack vir. D'Aufgab vun deenen, déi gären éierlech a fair Konditionen hätten, ass ëmmer déi, déi vir sinn, ze entlarven. Do gëtt et och en technesche Fortschrétt. An do muss een och an der Législatioun dat heiansdo upassen.

Dat ass net ëmmer zefriddestellend, wann een hannendru leeft. Mä nach manner zefriddestellend wier et mat Sécherheet, wann ee géif kapituléieren a soen: Bon, da si se eben ëmmer vir, mir akzeptéieren dat, loosse dat lafen. Dat wär en Incitatif, fir vill Leit och op deen dote falsch Wee ze goen, mat villen negativen Elementen, déi mer net sollen akzeptéieren. Et kann do kee gëllene Wee gi fir d'Fuddeler. Och wann et heiansdo frustrant ass hannendrun ze lafen, deen Effort muss ee maachen. Et ass net akzeptabel ze kapituléieren an deem dote Bërräich.

Et ass och geschwat gi vum Délai de prescription, deen ugepasst gëtt. Do ass, éierlech gesot, keng ganz grouss Iwwerleeung hannert dem Projet de loi gewiescht. Et ass en fait, fir méi e Mëssel an der bestehender Drogegesetzgebung aus der Welt ze schafen. Et waren an engem Artikel an zwee verschidden Alinéen zwou verschidde Prescriptionen. Dat ass net ganz glécklech. Dat huet och kee richtig verstanen. Dat hu mer elo alignéiert op zéng Joer, wat heimadder gemaach ass. An ech mengen, dass dat och gutt gemaach ass.

De Statsrot huet, zu Recht a mengen Aen, dem Text vun der vieregter Regierung eng Opposition formelle gemaach bei der Fro vun den „repentis“. D'Kommissioun huet sech deem ugeschloss, wat d'Regierung ausdrécklech befreisst. Dat wär déi falsch Démarche!

Dann zu den zwou méi allgemenge Reflexiounen vum honorabelen Här Reding a vum Här Urbany iwwert d'Drogepolitik am Allgemengen. Dee Constat, dee souwuel den Här Reding gemaach huet wéi den Här Urbany, fënnt sech an der Beantwortung net an de Wahlprogrammer vun de Koalitionsparteien. D'Beantwortung vun Ärem Constat fënnt sech am Regierungssaccord. Dee Constat, deen dir gemaach hutt, d'Feststellung, dass eng repressiv Politik iwwer Jorzéngte méttlerweil net déi Resultater bruecht huet, déi ee sech wünsch, dee Constat steet am Koalitionssaccord. Fir déi, déi dat vergiess haten, Här Urbany.

D'Regierung selwer huet dee Constat gemaach, dass eng reng repressiv Politik net zielführend eleng ka sinn. Den Drogekonsum klëmmt an all de westleche Länner, obwuel déi repressiv Moyenen och klammen. Do klappt eppes net.

An den Här Reding huet a mengen Ae recht, wann en op de kommerzielle Volet verweist. Soulaang domadder Sue verdängt sinn, ass déi Dynamik ongebrach. An dofir huet och d'Regierung am Koalitionssaccord gesot, si wëlt an engem breede Sënn all d'Piste verfolge, dorüwwer nodenken, sech d'Moyene ginn, fir mat all de Moyenen, an net just mat deene repressiven, well mer do dee Constat deelen, dass dat eis net virubruucht huet an deem Mooss, wou mer wollten, dass mer do wëllen all Piste goen, déi et erlaben, den Drogekonsum ze reduzéieren.

Dir sot, Här Urbany, d'Halschent vun de Leit am Prisong wieren Drogekonsumenten. Ech mengen, do verwiesselt Der eppes. Et sinn effektiv ganz vill Leit...

(Interruption)

Ech kommen direkt. Do sinn effektiv ganz vill Leit, déi opgrond vun Drogendelikter am Prisong sinn. Dat huet awer net mam Konsum ze

dinn, mä mat Handel. Dat stëmmt, dass et vill Leit am Prisong gëtt, déi a Konflikt gerode si mat der Drogegesetzgebung. Mä Konsumenten, déi fir en eegene Verbrauch consomméieren, sinn hei zu Lëtzebuerg an der Regel herno net virun engem Riichter. Wat natierlech poursuivéiert gëtt, dat ass den Handel domadder, well do Leit Geld verdénge mam Misär vun aneren. An ech ka mer net virstellen, dass Dir et géift richtig fannen, dass een deene seet: Kee Problem, maach du dat roueg.

Mir mussen also op zwee Niveauen agéieren. Mir mussen preventiv do agéieren, wou consomméiert gëtt. Deene Leit ass mat Aspäre mat Sécherheet net an all de Fäll gehollef, an dat weess een. Do, wou domadder Sue verdängt ginn, entsteet eng Kriminalitéit, déi mer par contre net musse wëllen. Do, wou also gehandelt gëtt a mam Misär vun anere Leit Sue verdängt ginn, brauch d'Gesellschaft net permissiv ze sinn. Do, wou awer d'Repressioun beim Konsum d'Leit net virubréngt, da muss een dat och agesinn a seng Politik ëmstellen. Dat ass de Sënn vun deem Passus aus dem Koalitionssaccord, an dee wäerte mer selbstverständlech ëmsetzen.

Hei, an dësem ganzen Text, an dofir ass do kee Widdersproch an eisen Aen, Här Urbany, schwätze mer net vu Konsumenten, mä hei schwätze mer éischerter vun all deenen, déi heimadder wëlle Sue verdénge an handeln. Dofir hu mer och kee Problem mat deem ofgeännerten Text, esou wéi d'Kommissioun an de Statsrot en ofgeännert hunn, hu mir als Regierung kee Problem, deen Text haut hei zum Vote ze stellen. An an eiser Drogepolitik wäerte mer déi nächste Jore probéiere selbstverständlech de Misär ze reduzéieren, ouni awer permissiv mat deenen ze sinn, déi mam Misär vun anere Geld verdénge.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Parole après ministre.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Justizminister. Ech hunn eng Demande de parole après ministre vum Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, Dir hutt elo gesot, Dir hätt dat am Regierungsprogramm drastoen. Dat hei geet awer elo an eng aner Richtung. Hei schwätze mer just vu Repressioun. Hei schwätze mer net vun neie Pisten. Ech si selbstverständlech gespaant, wat dobäi erauskënn. An Dir wäert och an eis déi fannen, déi wäerten dat beobachten a positiv begleeden, wann dat positiv begleedenswäert ass. Am Sënn vun deene Kritiken, déi vu ganz ville Leit ëmmer virbruecht gi sinn, dass eng Penaliséierung an eng Kriminaliséierung vum Drogekonsum keng richtig Léisung ass. A wann een den Drogekonsum penaliséiert léisst, da schafft een natierlech automatesch mat déi ganz Kriminalitéit, déi domadder zesummenhänkt.

Dir sot och, hei geet et net ëm de Konsum, mä ëm d'Kriminalitéit. Da muss ech awer soen, wann ech den Text kucke vun Ärem Gesetz, wou et ëm déi nei Substanzen do geet, déi simuléiere gewëssen Effete vun Drogen, dat kënnen och ganz harmlos Droge sinn, wou ee Cannabis geholl huet an duerno eppes anhält, fir dass een dat net soll kënnen feststellen, steet hei „qui ont utilisé ces produits“. Dat heescht, dat Wuert „utilisation“ kënn ganz kloer hei dranner vir. Oder et sief dann, Dir gitt mer eng aner Erklärung dofir, wat dat heescht. Dat heescht, och d'Utilisateure vun esou Produiten, déi ginn hei mat kriminaliséiert, well et steet eng Strof drop vun dräi Méint bis dräi Joer.

Ech wëll nach soen, ech si bestëmmt dee Leschten, dee wëlt den Drogekonsum u sech verherrlechen oder verharmlosen. Ech si perséinlech iwwerhaupt kee Frënd dovunner. Mä ech si just der Meinung, eng Penaliséierung vum Drogekonsum, dat ass eppes, woumat mer der Jugend e Bierendéngscht leeschten. Dat ass eng Kriminaliséierung vu Leit, déi eigentlech guer net an de Prisong gehéieren. Mä ech si gespaant op déi Äntwert, déi Der gitt zu deem Text hei.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Vlächcht allgemeng eng Kéier widderholl, dass et ubruucht ass, dass den Deputéierte sech un d'Chamber richt, idem fir d'Regierungsmemberen, dass mer net den Dialog ënner Persoune maachen, mä dass mer eis entweder un d'Chamber oder un de President richten. Just eng Kéier, well dat an der Lescht e bësse méi oft virkomm ass. An da ginn ech dem Justizminister direkt d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Just ganz kuerz, well ech eigentlech d'Gefill hunn, ech hätt virdrun a menger Interventioun déi Saache scho gesot, déi dem Här Urbany seng Fro beäntweren.

Mir sinn hei am bestehende Kader. Wann Dir op deen doten Artikel vum Gesetz verweist,

soen ech lech nach eng Kéier, mir hunn zu Lëtzebuerg eng Praxis, wéi eng Konsumenten iwwerhaupt mat de Gerichter a Kontakt geroden. Alles dat hei setzt dat net ausser Kraaft. Et ass also heiranner keng nei Orientatioun an der Drogepolitik ze gesinn. Et ass eng am bestehende Kader praxisorientéiert Approche, wou den Text, an eisen Aen, no den Interventiounen vum Statsrot a vun der Kommissioun, och an der Rei ass.

An eng nei Approche zu der Drogepolitik, wou ech d'Gefill hunn, dass mer eigentlech e Konsens an der Chamber hunn, dass mer wëllen den Drogekonsum reduzéieren am Land, dass mer eis wëlle beméien, dass den Drogekonsum zrëckgeet, dass mer wëllen déi, déi domadder Sue verdénge, déi wëlle mer aus dem Circuit kréien. Well an deenen allermeeschte Fäll selbstverständlech eng Prisongsstrof fir déi dote Leit keng Solutioun ass.

Ech mengen, wa mer eis do eens sinn, an ech hunn d'Gefill, wéi wann dat och beim Här Urbany de Fall ass, da wäerte mer eis och an den Diskussiounen an den nächste Joren an där heiter Matière hoffentlech séier kënnen op eng gemeinsamen Politik verstännegen.

Dat hei ass e Schratt an deem bestehende Kader. Mä nach eng Kéier, och déi Substanzen, wou de Verbrauch dovunner an d'Benotzung dovunner strofbar gemaach ginn, ännert näischt dorunner, dass déi, déi haut schon net mat de Gerichter a Kontakt kommen, och an Zukunft weiderhin net mat de Gerichter wäerten a Kontakt kommen.

Et kommen also duerch dat heite bei deene Konsum-Limiten, déi grosso modo vun de Gerichter applizéiert ginn, wäerten also och duerch dëst Gesetz keng aner Leit, keng Leit weider virun d'Gerichter kommen. Ech mengen, dat misst elo kloer sinn.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Gestrooft wéinst der Utilisatioun vun deene Produiten.

► **M. le Président.**- Merci dem Justizminister. An domat wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6415.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6415 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugehoill.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

12. Ordre du jour (suite)

Ech hunn d'Demande vum Här Statsminister, fir de leschte Projet virzezéien, well en eng offiziell Visite direkt anschlëssend huet. Ass d'Chamber domat d'accord, fir deem Projet Prioritéit ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech villmools Merci an ech géif direkt der honorabelen Rapportrice, der Ma-